



Info - Blat

No 34
Juli 2022

1933 – 2008
75 Joer Amicale

Amicale des Anciens Elèves de
l'Institut et du Lycée Technique Privé
Emile Metz asbl

www.amicale-ltpem.lu
amicale@amicale-ltpem.lu
CCPL LU65 1111 0233 3353 0000

Léif Memberen a Frënn vun der Amicale.

Déi lescht Wochen virun der Schoulvakanz sinn agetratt, an domat ass et un der Zäit fir Iech eis Aktivitéiten aus dem 1. Semester matzedeelen.

14. Abrëll 2022 – Generalversammlung am Restaurant Scolaire.

24 Memberen haten deen Owend fir d'Amicale reservéiert, ënnert hinnen:
d'Madame Martine Berchem, Directrice
den Här Steve Cornelius, Attaché à la Direction

De Comité setzt sech aus dese Memberen zesummen:

Bressanutti Alphonse, President / Secrétaire; Biever Jean, Vizepresident; Thill Roger, Tresorier, Adresséfichier an Homepage; Streff Marco, Tresorier adjoint; Beidler Mike; Braun Mike; Costantini Tessy; Herrmann Joe; Kirsch Siggy; Kohn Jean-Jacques; Ley Luc; Molitor Bert; Thill Daniel

Eis Aktivitéiten waren:

- 3 Comitéssätzungen - dovunner der 2 als Videokonferenz
- Generalversammlung iwwer Bréifpost
- Remise des Certificats am Tramsschapp
- 2 Élèves méritants kruten en Don vu je 100 €
- Grouss Aktivitéit no der Iwwerschwemmung vum 15. Juli



Keesebericht:

Recetten 384 €, Depense 701,07 €

D'Keeserevisore Legille Pierre an Urbani Georges hunn d'Kees kontrolléiert, a si bereet weider ze fueren.

Aktivitéit fir 2022

- 24.09.2022 Visitt vum Schiefermusée zu Marteleng.
www.ardoise.lu



Schlusswuert

D'Directrice Madame Martine Berchem, seet der Amicale Merci fir d'Engagement a wëncht vill Succès fir d'Zukunft.

De genëssegen Buffet gouf vum « Schoulkach » Fabrice a senger Équipe préparéiert.

De wäisse Wäin war aus dem Domaine Schumacher-Lethal.

De roude Wäin gouf vun eise Member Libar Pierre (Les Grands Crus 2014) gesponsert.

1.Abrëll 2022 – Journée Commémorative à l'intention de Madame Vve Emile Metz – Tesch.

Eise Vizepresident huet d'Amicale vertraueden.



14.Mee 2022 – Grouss Porte Ouverte

Bei der grousser Porte Ouverte, déi dëst Joer konnt normal oflafen, waren eis Eisekuchen an 3 Variatiounen. Eisekuch mat Zocker, Eisekuch mat Äerdbier an Eisekuch mat Äerdbier a Schmant. Et war « ein Renner »

Léif Memberen,

Mir wënschen Iech an Ärer Famill schéin an erhuelsam Vakanzendeege

